N°5212
Reçue le 11.11.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, 11.11.2021

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11/11/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

Zu Lëtzebuerg ass et esou, dass eng Persoun, nom Doud vu sengem Liewenspartner, no enger Transitiounsphas vun 3 Joer aus der Steierklass 2 erausfält. Dëst bedeit, dass Persounen 3 Joer nom Doud vun hirem Partner vill méi Steiere musse bezuelen. Dës Persounen, déi schonn duerch den Doud vun engem geléiwte Mënsch ee Schicksalsschlag erliewen, ginn duerno wéinst hirer néier Liewenssituatioun nach finanziell vum Staat bestrooft.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persoune goufen an deene leschte 5 Joer nom Doud vun hirem Partner aus der Steierklass 2 ausgeschloss, opgelëscht no Joer?

2. Op wéi vill Recettë géif de Staat verzichten, wann een dës Dispositioun géif am Sënn vun de Wittmänner- a Fraen änneren, oder anescht gesot: wat géif et de Staat kaschten, wann een d'Witwesteier géif ofschafen an dës Persoune weiderhin an der Steierklass 2 bleiwen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Äntwert vum Finanzminister Pierre Gramegna op d'parlamentaresch Fro n°5212 vum 11. November 2021 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement iwwer d'Steierrecetten**

Den honorabelen Deputéierte verweist a senger parlamentarescher Ufro op déi sougenannten Iwwergangsphas bei de Steierklassen, déi engem bestuete Steierzueler erlaabt, nach weider 3 Joer nom Doud vum Liewenspartner, an der Steierklass 2 ze bleiwen. No Oflaf vun dëser Transitiounsphas vun 3 Joer, gëtt dës Persoun dann an d'Steierklass 1A ëmklasséiert.

Am Joer 2016 goufen et 1.675 Leit, Residents a Non-Residents, bei deenen dës Iwwergangsphas ugelaf ass. An de Joren 2017, 2018 an 2019 waren et jeeweils 1.600, 1.651, an 1.654 Leit. Am Joer 2020 woren et 1.857 Leit, wat iwwert der Moyenne vun de Virjore leit. Dës Zuelen enthalen net déi Leit, wou een oder déi 2 Partner als eenzeg Akommes e Benefice commercial, e Benefice agricole ou forestier oder e Benefice aus dem Exercice vun enger Profession libérale bezéien.

Opgrond vun de sëllegen Hypotheesen, déi fir esou een Exercice misste geholl ginn, ass et aus technescher Siicht net méiglech, eng adequat Schätzung ze ginn, wat et de Staat géif kaschten, wann déi Leit weiderhin an der Steierklass 2 géife bleiwen. Allerdéngs ass ze bemierken, dass d'Ëmklasséieren a d'Steierklass 1A a kenger Weis eng Witwesteier duerstellt, an d'Recht op d'Steierklass 2 wärend der Transitiounsphas ass en effikassen Moyen fir den Iwwergang ofzefiederen.

Lëtzebuerg, den 13. Dezember 2021

De Finanzminister

(s.) Pierre Gramegna